No 9

Juli 2009

# Programme 2009-2010 Cours de luxembourgeois

| dates | horaires | jours | durée | lieu | code |
|---|---|---|---|---|---|
| **Niveau 1** | | | | | |
| 05/10/09-18/01/10 | 9.00-11.00 | lu/me | 50h | Luxembourg | LA-LB-163 |
| 06/10/09-19/01/10 | 18.30-20.30 | ma/je | 50h | Luxembourg | LA-LB-164 |
| | | | | | |
| 04/01/10-26/04/10 | 18.45-20.45 | lu/me | 50h | Luxembourg | LA-LB-168 |
| **Niveau 2** | | | | | |
| 06/10/09-19/01/10 | 9.00-11.00 | ma/je | 50h | Strassen | LA-LB-165 |
| 06/10/09-19/01/10 | 18.30-20.30 | ma/je | 50h | Luxembourg | LA-LB-166 |
| 25/01/10-10/05/10 | 9.00-11.00 | lu/me | 50h | Luxembourg | LA-LB-169 |
| 26/01/10-11/05/10 | 18.30-20.30 | ma/je | 50h | Luxembourg | LA-LB-170 |
| **Niveau 3** | | | | | |
| 05/10/09-18/01/10 | 18.30-20.30 | lu/me | 50h | Luxembourg | LA-LB-167 |
| | | | | | |
| 26/01/10-11/05/10 | 9.00-11.00 | ma/je | 50h | Strassen | LA-LB-171 |
| 25/01/10-10/05/10 | 18.30-20.30 | ma/je | 50h | Luxembourg | LA-LB-172 |
| **Niveau 4 Conversation** | | | | | |
| 09/10/09-07/05/10 | 9.30-11.30 | ve | 50h | Strassen | LA-LB-149 |
| **Orthographe et grammaire** | | | | | |
| 09/10/09-18/12/09 | 19.00-21.00 | ve | 20h | Gasperich | LA-LB-148 |
| 02/03/10-18/05/10 | 19.00-21.00 | ma | 20h | Gasperich | LA-LB-162 |

Prix par cours : 120 € / Module Orthographe et grammaire : 50 € Tarif réduit de 5€ applicable sous certaines conditions. Nombre de participants minimum : 15. Les participants peuvent bénéficier d'un congé individuel de formation ou d'un congé linguistique. Renseignements : www.men.lu ou www.mt.etat.lu

INSCRIPTIONS et RENSEIGNEMENTS : Tel : 26 311 343 - Fax : 26 311 342 B.P.5, L-8701 Useldange, E-mail : moien@pt.lu www.moienasbl.lu

Léif Memberen,

An der Suerg fir eis Ëmwelt, also fir Pabeier ze spueren, mee och fir Zäit a Suen ze spueren, wollte mer Iech virschloen, Iech eist Infoblat iwwer E-Mail ze schécken. Wann Der déi nächst Infoblieder also per Mail wëllt kréien, da schéckt eis w.e.g. eng kleng Noriicht un: moien@pt.lu. Mir setzen Iech dann op eis elektronesch Verdeelerlëscht. Wann Der dat net wëllt oder keng E-Mail-Adresse hutt, kënnt Der selbstverständlech d'Infoblat och weider per Post kréien. Mir sinn och am Gaang, eisen Internetsite opzefrëschen. En huet eng nei Adresse, a schonn e bëssen en neie Look . Deemnächst gëtt en nach méi flott an iwwersiichtlech. Kuckt Iech en einfach emol un: www.moienasbl.lu

Chers membres,

Dans le souci de préserver notre environnement, donc pour économiser du papier, mais aussi du temps et de l'argent, nous vous proposons, de vous envoyer notre *Infoblat* par courrier électronique. Si vous voulez recevoir les prochains *Infoblieder* par courriel, nous vous prions de nous le faire savoir dans un petit message à moien@pt.lu . Si vous ne le désirez pas ou si vous n'avez pas d'adresse e-mail, vous continuerez évidemment à recevoir l'*Infoblat* sur papier. Nous sommes en train de rafraîchir notre site Internet. Il a déjà une nouvelle adresse et a changé d'apparence. Bientôt il sera encore plus clair et plus attrayant. Allez jeter un coup d'œil sur www.moienasbl.lu

**inter - KULTURELLE KOMMUNIKATION**

FORMATEURSDAG ZU HUELMES, Samschdeg, 25. Abrëll 2009

Fir de 4. Formateursdag hat « Moien asbl » Kontakt opgeholl mat dem « **Institut für Interkulturelle Kommunikation » vertruede vun der Madame Isabel Gut-v.Schulthess, IIK Zürich.** Eis Gesellschaft gëtt ëmmer méi multikulturell, ëmsou méi wichteg ass an der Zukunft eng Formatioun fir interkulturell Kommunikatioun. Hei e puer Zuelen :

Stad Lëtzebuerg : 22.3. 2009 **...** Der Anteil der Nicht**-Luxemburger** in der Gesamtbevölkerung übersteigt heute 40% mit nicht weniger als **150** vertretenen **Nationalitäten.** Mit mittlerweile über 1000 Mitarbeitern und 40 **Nationalitäten** betreut Deloitte **Luxemburg** seit über 50 Jahren die Top-Unternehmen am Markt. **...**

Le Centre de Documentation et d'Animation **InterCulturelles** propose des projets pédagogiques aux écoles primaires et secondaires ainsi qu'à d'autres **...**

www.restena.lu/asti/cdaic/index.html

La Ville de Dudelange est une ville multiculturelle et compte aujourd'hui 38,33% d'étrangers soit plus de 7200 personnes de **81 nationalités différentes**. La Ville présente un Nouveau projet „ Ensemble" pour favoriser le **développement interculturel** à Dudelange.

D’Madame Gut huet eis op d’Ënnerscheeder an deene verschiddene Kulturen opmierksam gemaach. Als Aleedung zum Theam hu mir mat der Kaart gespillt ouni däerfen ze kommunizéieren. Mir konnten duerch Zeechen oder Mimik eis Enttäuschung oder Roserei ausdrécken, wa mir ugeholl hunn, datt een am Grupp zevill gefuddelt huet. Wat mir awer net woussten, war; net jiddereen hat déiselwecht Spillreegelen.

**E puer Aussoen iwwert dëse Workshop:**

*„Fir déi Leit, déi Integratiounscoursë ginn an dofir vill mat Leit aus anere Kulturen a Kontakt sinn, war dëse Workshop eng gutt Geleeënheet, fir sech mat de Froen „Wat ass Kultur?“, „Wat fir en Afloss kënne kulturell Ënnerscheeder (z. B. Hierarchieverhalen, Bedeitung vun Zäit, Kierpersprooch asw) op e Cours hunn a wéi soll een domat ëmgoen?“ ze beschäftegen. Déi Participanten, déi eng länger Zäit am Ausland gelieft hunn, hu vun deenen Erfahrungen, déi si do gemaach hunn, erzielt. Mat Hëllef vu verschiddene Rollespiller gouf versicht, bestëmmte Verhalensweise bewosst ze maachen. Interessant war och den Austausch mat de Participanten iwwert d’Erfahrungen an hire Coursen an d’gemeinsaamt Ausschaffe vu Virschléi fir den Ëmgang mat kulturellen Ënnerscheeder an engem Cours.“* Marianne Karen

*„Sechs Stonne sinn zwar kuerz, mee laang genuch, fir e puer Impulser ze kréien. Wat bedeite kulturell Ënnerscheeder fir e Cours, wat SINN iwwerhaapt kulturell Ënnerscheeder an op wat muss ech als Formatrice oder Formateur besonnesch oppassen? D’Kaartespill ganz am Ufank huet scho gewisen, wéi iwwerzeegt ee vu senger eegener Wourecht ka sinn a wéi ellen et fir deen ass, dee mat senger Wourecht ënner den Dësch gedréckt gëtt. An dat wäert mer hoffentlech ganz „nohalteg“ an Erënnerung bleiwen. Pijen a Kokosnëss hu ganz niewebäi och eng aner Bedeitung kritt.“* Myriam Welschbillig

*« Et gouf een sech der Problematik emol grondleeënd bewosst an et huet een ugefaang, Zesummenhäng an Ënnerscheeder ze erkennen, obwuel et nach vill Aarbecht gëtt fir déi interkulturell Thematik methodesch am Cours ëmzesetzen. »*
Yves Charpentier

**Lecture zu dësem Thema :**

Hofstede, Geert **Lokales Denken, globales Handeln** Beck Wirtschaftsberater im dtv 2001 2. Aufl.
Schulz v. Thun, Fr Interkulturelle Kommunikation, Rowohlt 2006
Liu, Yang **Ost trifft West** Verlag Hermann Schmidt Mainz
E Buch mat Zeechnungen an Ureegungen fir Gespréicher

Et war e ganz interessanten a flotten Dag, deen d’Madame Gut perfekt duerch hir Erfahrungen a Kenntnisser ze leede wosst.

**Verbesserungsservice:** Wann Dir Är Texter, Broschüren, Deplianten asw. gär an der richteger Lëtzebuerger Schreifweis veréffentleche wëllt, dann zéckt net a kontaktéiert eis. Mir verbesseren Iech se. Präis op Ufro.

☙

**Agenda :**

Samschdes den 10.Oktober: Visite an der Nationalbibliothéik an der Stad mueres vun 10 bis 12 Auer.

Formateursdag zu Buerglënster, e Samschdeg de 24. Oktober 2009 vun 10 - 16 Auer. Thema « Evaluatioun ». Bréngt Är Erfahrunge mat oder schéckt eis se fir datt mir se deen Dag presentéiere kënnen.

**Generalversammlung :**

Den 28.Mäerz 2009 hat d'Asbl « MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch «
hir 4. Generalversammlung.

D'Presidentin Jackie Weber-Messerich huet d'Membere begréisst a verschidden Instance Merci gesot fir hir Ënnerstëtzung. D'Sekretärin M. Th. Gouden-Heinen huet e gutt gefëlltenen Aktivitéitsrapport virgedroen.D'Trésorière Geneviève Magnette-Barthel huet e positive finanzielle Bericht virgeluecht. D' Keesskontrolleren Danielle Laschet an Nadine Ewerling hunn eng korrekt Kontabilitéit certifiéiert.

Si hunn Decharge fir de Comité gefrot. D'Presidentin huet en Ausbléck op 2009/2010 gemaach. D'Asbl mécht weider mat dem Organiséiere vu Coursen – mat der Plattform fir Formateuren – de kulturelle Visitë fir d'Memberen –dem Kontakt mat de Memberen iwwert d' Infoblat ,der Präsens op diverse Manifestatiounen an an de Medien. No der Comitéssëtzung vum 8.Mee 2009 setzt sech de Comité esou zesummen :

| | |
|---|---|
| Presidentin: | Jacqueline Weber – Messerich |
| Vice-Presidentin: | Denise Heiderscheid |
| Sekretärin: | M.Thérèse Gouden-Heinen |
| Trésorière : | Geneviève Magnette – Barthel |
| Memberen: | Yves Charpentier, Marco Garcia , Jean-Marie Nau, |
| | Nicole Rossi-Lucas, Mili Tasch-Fernandes. |
| | Neie Member ass de François Dondelinger. |

Keesskontrollere sinn: Danielle Laschet an Nadine Everling.

☙

**Kontakt**: Moien asbl- BP : 5 , L-8701 Useldange - Tél : 26 311 343 – Fax : 26 311 342 Gitt Member ! €10 oder méi CCPL LU28 1111 2368 0023 0000